ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. August 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister weiderzeleeden.

Wann d'Situatioun an Armenien dach a muncher Hisiicht besser ass wéi an anerer Staate vun der fréierer Sowjetunioun, da stellen sech awer Froen iwwer d'Demokratie an d'Mënscherechter an deem Land.

D'Meenungs- an d'Pressefräiheet sinn net ganz respektéiert, et gëtt e staatlecht Virgoe géint Demonstratiounen an et gëtt nach ëmmer eng héich Korruptioun an deem Land.

Viru Kuerzem krut de Chef vun där gréisster Oppositiounspartei "Prosperous Armenian" seng parlamentaresch Immunitéit ofgeholl, nodeems hien d'Regierung am Kontext vun der COVID-Kris kritiséiert hat. Déi Manéier, ewéi dat gemaach gouf, ouni Bedeelegung vun der Oppositioun, stellt d'Fro vun der Rechtsstaatlechkeet an deem Land.

Dowéinst wéilt ech dem Här Bausseminister dës Froe stellen:

1. Wéi schätzt d'Regierung d'Situatioun an Armenien an, besonnesch am Hibléck op d'Demokratie, d'Rechtsstaatlechkeet an d'Mënscherechter?
2. Ass d'Regierung der Meenung, datt d'Rechter vun der Oppositioun an Armenien respektéiert ginn?
3. Wat mécht d'Regierung, inklusiv am Kader vun der Europäescher Unioun, fir déi demokratesch Transitioun an Armenien ze begleeden?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742